adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

N° 6102
Reçue le 26.04.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 26.04.2022

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 25. Abrëll 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staats- an Digitalisatiounsminister weiderzeleeden.

De 6. Oktober 2015 huet den Europäesche Geriichtshaff den Dateschutzaccord "Safe Habor" tëschent der EU an de Vereenegte Staaten fir ongülteg erkläert. Dëst besonnesch mat Referenz op déi staark Zougrëffsméiglechkeeten, déi amerikanesch Geheimdéngschter domat op d'Donnéeë vu privaten EU-Bierger krut hätten. Am Bezuch op den Nofollgeaccord "Privacy Shield" koum et 2020 op en Neits zu sou engem Urteel. De 25. Mäerz dëst Joer gouf zu Washington dunn nach eng Kéier en neien Accord tëschent Vertrieder vun der EU-Kommissioun an den USA ënnerschriwwen.

An deem Sënn géif ech dem Här Staats- an Digitalminister gär dës Froe stellen:

1) Kann den Här Minister matdeelen a wéi engem prozedurale Stadium deen aktuellen Accord sech befënnt a wéi eng legal Basis aktuell fir den Datentransfert tëschent der EU an den USA applikabel ass?
2) Kann den Här Minister am Sënn vun der Fro virdru matdeelen, ob dësen neien Accord muss vun der Chamber ratifizéiert ginn?
3) Kann den Här Minister matdeelen, ob an op wéi eng Manéier sech d'Lëtzebuerger Bierger beim Notze vu verschiddenen, digitale privat Zerwisser, zum Beispill soziale Medien, gegeebenenfalls mussen drop astellen, datt dësen Accord och réckwierkend op hir Donnéeë kann applizéiert ginn?
4) Kann den Här Minister matdeelen, ob an op wéi eng Manéier d'Lëtzebuerger Bierger sech am Kader vun dësem Accord nach juristesch dogéint wiere kënnen, datt hir Donnéeën an d'Vereenegt Staaten transferéiert ginn oder bleift hinne just d'Méiglechkeet op déi entspriechend digital Zerwisser an domat och en Deel vum soziale Liewen ze verzichten?
5) Kann den Här Minister elaboréieren, ob wéi eng Manéier garantéiert ass, datt kengerlee Daten, déi d'Lëtzebuerger Bierger am Kader vun der Interaktioun mat staatlechen Institutiounen, och mat privaten Entreprisen an ëffentlecher Hand, matdeelen, an d'Vereenegt Staaten transferéiert ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten